

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„An der Press stoung rezent een Artikel iwwer en sou genannte Squatter-Hotspot ze liesen, deen sech zu Ettelbréck an de leschte Méint forméiert huet, wou ënner anerem och Droge géife konsuméiert ginn. Duerch Exkrementer an Dreck steigt de Risiko vun Infektiounen op dësem Hotspot. Kee Wonner, datt d'Awunner an d'Gemeng sech Suerge maachen an net sou richtig wëssen, wéi dës Situatioun entschäerft ka ginn ?

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an dem Här Inneminister folgend Froe stellen:

- Ass d'Inspection sanitaire schonn ageschalt ginn, fir de betroffenen Terrain zu Ettelbréck ze besichen an eventuell Moosnamen z'ergräifen, wann déi ëffentlech Gesondheet a Fro gestallt wier?*
- Wa jo, iwwer wat fir Instrumenter verfüügt d'Inspektioun fir sou Situatiounen ze deblockéieren?*
- Wéi dacks an op wat fir enge Plazen ass d'Inspektioun an de leschte Jore geruff ginn, fir änlech Hotspotten opzeléisen?*
- Stëmmt et, datt de Phänomen vum Drogekonsum an de Garer Quartieren zu Esch/Uelzecht an zu Ettelbréck zanter Januar 2024 zougeholl huet?*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Gusty GRAAS
Deputéierten